NATIONAL - OP EISE STROOSSEN

Cyclist uerg blesséiert tëscht Tandel a Furen

RTL | Update: 29.03.2020 11:29

© Police

Um Samschdeg de Mëtteg géint 14.30 Auer hat en Auto e Vëlo ze pake kritt. Bei dësem Accident gouf de Cyclist schwéier blesséiert.

Souwel Auto wéi och Vëlo waren a Richtung Fueren ënnerwee, wéi den Automobilist de Cyclist ze pake krut. D'Police ermëttelt fir erauszefannen, wéi et zu dësem Accident komm ass.